

103, 6

100. 3

Arheenne collectieve

of a schuieren Zeit

Stamm

1. Journee of. 1. Sept. 1945

2. " " 31. ~~Sept.~~ 1945 samedi

X

9'end. v der l. Jungend aus der Weltkrieg

2. Journee O. J. Litzberg

Samsdag den 31. August 1946

1 ten Doel

Am der virtuellen Sendung habe mir e paar Gedanken in der Journee de l'anniversaire nationale <sup>aus gedriht</sup> behalt. In der nationalen Erinnerungstag geht all jor von der Regierung

festgeluecht an quere op de Samsdag den aus noster kalendar dem 10 Oktober best.

mir laten gewot werden Feiertage dass der 1. Journee den 13. Oktober 1946 war

och erfindeluewen dass der Feiertage <sup>wah d' Opmachung</sup> betreff

afgeholt, luet, a champion luet. Et ers och erwaent gin dass doren nationale

Commemorationsdag mit merrum an der Staat gefiert geht mir och gleichzeitig

a verschiebde Semangen. Ich ers zow Viddelung. An och tei tu mir mogewisen

dass de Programm an Luf von de joren ellen zusamme geschribde gin ers

a mir luen aus gefirt we' foseit dore Programm an 10 a mir joren aus.

mir laten och erfindeluecht, dass d L. Oj. der schon Fern 1944 geproent

fow hin och Journee Oj. den 1 September 1945 organisieret let.

Fir den nach hiewanden edf an Erinnerung ze ruffen wir deermols ew euf

Manufacturion organisieret war a wah fir euf Inverpore sic hat bringe mir der

de Rapport in der der 2. Journee ero wei en an der Zetschreff Oj. N° 18 vom 14. Sept.

1946 publiziert fow. Mir wollen awer och alle Fern, Bekanten von den Inverpore ero

wei och lue Kanner a Kanneskanner ergilen wir ~~to~~ 2 jor no der Liturion ero

euf Journee Oj. aus gerin luet.

Wirf luet luet sich de Programm of 2 tag erbricht an ch ers ufgangen

Samsdag den 31. August ~~1946~~ 1946

1946  
man

# II. JOURNÉE ONS JONGEN

Samschdeg den 31. August 1946.

D'ganz Haptstätt stët am Zéche vun der Trauer fir ons gefälen Helden, a bis an dat klengst Dierfchen, se'f et nach, eso' weit an entléen, ass de Ruff vun der Ligue „Ons Jongen“ gedrongen. Et hèscht haut, fir d'zwët dem Ländchen ze beweisen, dass „Ons Jongen“ kën eidele Begröf ass, dass mir d'Spröch vun der Zeit verstanen an d'Affe vun onsen Nationalhelden net vergiess hun. Dät ass de Grond, wuer fir Dausende vu Jongen dem Appell vun der Ligue „Ons Jongen“ Folleg geléscht hun, a haut zu Letzeburg opmarsche'ere wöllen.

Et ass eng schwe'er Lektio'n fir de, de' ons bis haut als eng Quantité négligeable betruuchte wöllen, a we' muss d'Hierz dach all déne bludden, de' gedrémt hāten, hanner dem Fuendel vun „Ons Jongen“ geng beschtefalls eng Dosen gottverlösse Kanner marsche'eren.

### Den Däg-virdrun.

D'Cérémonten go'fen agelèt durch den Empfank vun der Metzër Militärmusek e Freideg de Muergen op der Gare. Den Zentralcomité vun der Ligue „Ons Jongen“ öuner der Fe'erong vum President A. STELL hāt sech geschlossn afond, fir ons Metzër Frönn ze begre'ssen. Nodém de Komerod STEILL dem Dirigent, dem Här Capitaine SEMLER-COLLERY, é prächtege Bouquet iwerrécht hāt, huet d'Musique Militaire du 146e R. I. sech a Bewegung gesāt, an öunner den Acclamatio'nen vun der ganzer Populatio'n huet se sech op de Knuodler dirigé'ert.

D'Gemeng Letzeburg hāt sech et net huelle geléss, onse Gächt de' hierzlech Réceptio'n ze beréden, de' si verdengt hāten, a bei engem Glās Wein hun si déne sche'ne Wieder nogelauschtert, de' den Här Bürgerméchtcher E. HAMILIUS un si gericht huet.

No dem offiziellen Empfank op der Gemeng huet d'Metzër Militärmusek de Wé op d'franse'sch Legatio'n ageschlossen, an de franse'sche Gesandten huet vum Balcon aus hirem Défilé beigewunnt. Mat de Weisen vun der „Hémécht“ an der „Marseillaise“ ass de' kürz an imposant Cérémonie ausgeklungen.

Domatt wor ower de Programm vun der Metzër Militärmusek net zo' Enn, a wien d'Geléhenhēt hāt, sech déselwechten Owend op der Place des Martyrs de Concert vun onse franse'sche Frönn unzehere, den hāt schon do d'Iwerzégong gewonnen, dass durch de' éminent Mathöllef vun der dausendmol acclame'eter Musique Militaire du 146e R. I. de Succès vun der zwéter Journée Ons Jongen garante'ert wär.

### D'Journée Commémorative.

Fre'hmuergens schon huet d'Stadt Letzeburg d'Trauerkléd ugeluecht fir d'Undenken vun all onse Märtyrer ze e'eren. D'Klacken vun der Kathedral



lauden an de'wen, ergreifenden Te'n de' zwët Journée Commémorative vun der Ligue „Ons Jongen“ an. Um 10 Auer tröft den Hochw. Här Schmit, Paschto'er vun Notre-Dame, mat drei géschtlechen Hāren un de prächteg geschmeckten Altor, fir é feierlechen Dengsicht fir ons gefälen Helden ze hālen.

Öonner den Uwiesenden hu mir d'diplomatesch Vertrieder vun den U. S. A. vun England, vu Frankreich a vu Belgien bemlerkt. D'Regierong wor vertrueden durch den Här Staatsminister Pierre DUPONG, den Här Joseph BECH Ministre des Affaires Etrangères, den Här Eugène SCHAUS, Ministre de l'Intérieur, an den Här Alphonse OSCH, Commissaire Général aux Dommages de Guerre. Vertrieder vun der Chamber, vun der Armé' an den Autorite'ten hun dem Trauerdengsicht beigewunnt.

D'Metzër Militärmusek, de' sech virun der Kathedral opgestallt huet, spillt de „Wilhelmus“, we' H. K. A. d'Grande-Duchesse, de Prönz Felix an de' zwo' élst Prönzessinnen d'Kathedral betrieden, beglèt vun dem Maréchal de la Cour, dem Här Loesch. D'Compagnie de Garde huet d'Waffe présente'ert.

Den Zentralcomité vun der Ligue „Ons Jongen“ ass durch all seng Membere representé'ert, an Delegatio'nen vun der Ligue hu lenks vum Cho'er mat de Fuendelen Opstellung geholl, niewent hinnen eng Delegatio'n vun der amerikanescher M. P.

Et wor eng gro'ss an andächtig Mönchemass, de' an der Kathedral versammelt wor, an dach ass muenche

Stull net besāt gin, a mir hun et oprichtig bedauert, dass der eso' vill, de' d'lescht Joer nach derbei woren, des Ke'er de Sönn vun onsem Trauerdäg net richtig verstanen hāten.

### Beim Monument du Souvenir.

Gefe'ert vun der Metzër Militärmusek verle'st de Cortège d'Kathedral a stellt sech, an engem gro'sse Carré virun dem muttle'erten Monument du Souvenir op. Drei Vertrieder vun Zentralcomité trieden ervir a léen é herrlechen, purpurro'de Kranz ne'er, d'Anciens Combattants dépose'eren eng wonnersche'n Gerbe. Gleich drop erklegt d'Sonnerie aux Morts, gespilt durch d'Metzër Militärmusek, de' d'„Hémécht“ an d'„Marseillaise“ follege le'sst.

### Um Kirfecht.

Eng Stonn drop hält de Komerod Josy WEIRICH, Member vun Zentralcomité, um Kirfecht vun Notre-Dame eng de'wergreifend Ried. An treffende Wieder retrace'ert hien de Calvaire vun all onse Martyrer, hien weist op hirt hellegt Affe hin, dät nimols duerf vergiess an ugezweiwelt ze gin, a schle'sst seng Uspröch mat déne bekannte Wieder vun Maréchal Foch:

„Un peuple cesse de vivre quand il cesse de se souvenir.“

Mammen a Kanner hu bei dem Märtyrerkreis gekrasch, a këm A blo'f drechen, we' de Komerod WEIRICH sech zum Porte-Parole vun der Ligue „Ons Jongen“ gemäch huet, fir hinnen so schwieren, dass an onsen Hierzer

*Freideg  
Samschdeg  
gin*

*Ande min do  
op journal  
reihen gepreie  
kann man  
de militäre  
Museum*

*No deser Bestimmung mat Militärmusek do d'Folgebung insch de Verlauf von der Jo*

Musek → Musée Lorraine on autre  
Am Mardel Den Défilé.

d'Undenken an de Géscht vun onsen Helden e'weg weiderliewen.

Vun 13 Auer un ass é rege Verke'er op der Gare. Aus allen Directio'n en lafen d'Zich eran, de' d'Jongen an dStädte brengen, fir um Cortège délzehuelen, aus alle Ge'genden stre'men se erbrel, fir dem Land dat énzegt Beispill vu Solidarite't ze gin, dat ons Plakaten schon zwo' Wochen virdrun ugekönnegt hâten:

Eng bis an dé klongsten Détil ge-regelt Organisatio'n huet et ermég-lecht, dass d'Opstellung vum Cortège sech an enger mustergölteger Uerd-nong vollzun huet.

Ônner de Klâng vun der „Marche Lorraine“ verle'sst d'Metzer Militâr-musek um 15 Auer de Kasärenhaff, wo si sech opgestallt hât, a gleich derhan-ner den Zentralcomité vun der Ligue „Ons Jongen“. A wonnerbarer Uerd-nong follegen de' honnert Sectio'nen vum ganze Land, un der Spôtzt zwa'n Autocaren mat mutilé'erte Jongen.

De Cortège get an d'Nel Avenue eran, an hanner de Sectio'nsfuendelen vun der Ligue „Ons Jongen“ mar-sche'eren a Rei a Glidd fönnef Dausend Jongen. Fönnef Dausend Jongen, de durch de Preiss an eng Uniform gepresst go'fen, de' hir net wor, stin haut geschlossen hanner dem Fuendel vun „Ons Jongen“, fir ernoit ze pro-teste'eren ge'nt de' fatal Gaulerter-veruerdnong vum 1. September 1942 a ge'nt all Violatio'n vun hire Rechter.

Virun der Arbed, vis-à-vis vun der Place des Martyrs, ass eng E'erentribün o'pgericht gin, an op de Kommando „Tête à droite“ flé'en all Bleck no rechts, an der Richtong vun der Tribün, wo' S. K. A. de Prönz Jean, den Här Minister Eugène SCHAUS, den Här OSCH, Commissaire Général aux Dom-mages de Guerre, an onse sympathesche Président, den Här Arthur STEIL, sech afond hâten. Muncheren wor vleicht schmierzlech verwonnert, op de'er Tribün verschidde Regieronsvertrieder ze vermössen, de' sech do vun der impos-anter Solidarite't vum schwe'er ge-pre'fte Letzeburger Jonktem hâten iwerzégé können.

Et ass énonndleche Cortège, dé kén Enn huele wöllt, a stiermesch begre'sst vun enger ongeheilerer Mass vu Sympa-thisierenden vun onser Organisatio'n ass d'Spôtzt vum Défilé schon durch d'Gro'ssgäss virun dem Cercle ugelängt, we' de' lescht nach am Schrött virun der offizieller Tribün défilé'eren.

Kaum sin de' e'scht Vertriéder vun de Sectio'nen an den Cercle eragängen, do iwerschwemmt é förmlecht Mön-schemler d'Place d'Armes. D'Musique Militaire du 146e R. I. intone'ert e puer Märsch, während de Cercle sech bis op de' lescht Plätz fällt a fönnef Ver-triéder vum Zentralcomité d'Vir-berédongen treffen, fir S. K. A. de Prönz Jean x'empfangen. Punkt 16,30 Auer tröfft onsen He'ge Gáscht virun dem Gebei an. D'Metzer Militärmusek spillt de „Wilhelmus“, an ons Arme'.

der fängt den 2ten Teil an  
der hält den 1ten Teil op  
das weilt für hant den meisten vonden m...

SCHAUS, Minister vum Ravitallément, an den Här Alphonse OSCH, Commis-saire Général aux Dommages de Guerre, hir Plätzen anhuelen.

D'Madame SCHAUS-ARENDE b'a-trött de Podium, a mat hirer wonner-barer Stömm dre't si de Märsch „Ons Jongen“ vum Fernand Mertens, Text Léon Berchem, vir, beglét vun der Har-monie Municipale a belo'nt mat dem frenetesche Beifall vun der ganzer Assemblée. D'Cérémonien gin durch Haut-Parleuren op d'Place d'Armes

dicen, well et nônnen déneu alier-mannstn vergonnt wor, eng Plätz an Sall selwer x'erwöschén.

Duerno ergreift de Komerod Romain FANDEL, Secrétaire Général vun der Ligue „Ons Jongen“, d'Wuert. Den Cercle ass voll bis op de' lescht Plätz, an op de Seiten hun d'Vertriéder vun de Sectio'nen mat dem Fuendel Opstel-long geholl.

De Riedner wendit sech a franse'scher Spröch un all Uwiesend, fir se am Numm vun der Ligue „Ons Jongen“ hierzlech wëllkomm ze hëschen an hinne merci ze soen:

„A vous tous, qui par votre pré-sence avez tenu à manifester votre indéfectible attachement à la cause sacrée de cette jeunesse luxembour-goise, si durement éprouvée par la guerre et qui aujourd'hui s'incline res-

pectueusement devant le sacrifice et le douloureux calvaire de tous nos martyrs et patriotes luxembourgeois qui ont scellé de leur sang notre liberté si chèrement acquise.“

Sei besonneache Gro'ss a spezielle merci göllen S. K. A. dem Prönz Jean, den ons allgueren an de schwe'ere Joeren vun der Ônnerdreckong é'n énzegt Beispill vu Courage an Helde-mutt gin huet, an der Gro'ssherzö-g-lecher Familjen, de' all ons Hoffnongen an de'er batterer Zeit gedroen an och haut nach verkierpert.

De Riedner bedankt sech bei den diplomatesche Vertriéder vun onse gro'ssen Allie'erten a Liberateuren, an hien begre'sst d'Mitglidder vun onser Regierung a vum Schefferdt vun der Städt Letzeburg, de' de Patronage iwer ons Journée iwerholl hât.

No engem oprichtegen Sympathie-beweis un d'Adress vun der Metzter Militärmusek an engem wärme merci un all Komeroden vun der Ligue „Ons Jongen“ retrace'ert hien a kürze Wier-der de Calvaire vum Jonktem, dé ge'nt all Völkerecht an de' verhäst prei-sesch Uniform gezwongen go'f, an hien ônnerstreichit de' gro'ss Bedeitong vun der Trauerfeier.

„Le revoyez-vous, l'abîme de barba-rie et de cruauté dans lequel ces enne-mis du genre humaine voulaient nous plonger, vous rappelez-vous les nuits d'angoisse et de désespoir que nous avons passés depuis le moment où leur botte avait souillé notre sol natal, et vous souvenez-vous des infâmies et sacrilèges que ni le temps ni l'oubli ne sauraient effacer?“

Eso' firt de Komerod FANDEL wei-der, an hien furdert d'Veersammlong op, nimols d'Affer vun dénen ze vergiessen, de' an den Do't gänge sin, fir dass Letzeburg an der Freihét sollt ope-rierten:

„C'est une page de gloire dans l'his-toire d'un petit pays, elle est écrite avec le sang de ses héros, et à vous tous, je lance cet appel fervent: N'ou-bliez jamais!“

De Riedner denkt zreck un den 31. August an un de Septemberstreik 1942, wo' dé' lánge Leidenswé vun onser Jugend sei Ufank geholl a wo' d'Re-sistenz vum Letzeburger Vollek gebuer go'f. An einfachen a beriedte Wierder wéss hien d'Affer vun onsen National-helden ze wierdegen, de' all fir de'sel-wecht Cause gefall sin, ganz gleich ob si ônner preisesche Kugelen oder am Kampf ge'nt hir égen Idealeer zesumme-gebracht sin.

„Souvenons-nous du douloureux cal-vaire qui pendant quatre longues an-nées a déchiré le coeur de la jeunesse luxembourgeoise, torturée et décimée par l'ennemi. La rage au coeur et les mains liées ils ont franchi la Moselle pour se voir endosser, au-delà de nos frontières, l'ignoble et détesté uniforme vert, sous lequel jusqu'à une fin sou-vent fatale leurs coeurs n'ont cessé de battre pour les idéaux de liberté et de paix dont ils étaient si fortement épris.“

„Ne donnons pas à penser au monde que cette unité devant un ennemi exé-cré dont nous sommes tant vantés, et à juste raison, n'était qu'un triste leurre, et que maintenant que cet

ennemi est parti, des rivalités mes-quines nous étouffent. Que penseraient nos grands Alliés, si le premier geste de notre libération était un outrage à ces idées de liberté, de justice et d'humanité qu'ils sont venus défendre de si loin, et pour lesquelles eux et nous avons sacrifié tant de jeunes vies?“

De Secrétaire Général zielt all de schmierzlech Etappen op, de' d'Jongen an der preisescher Uniform oft bis zum fatalen Enn hu mâche missen, an hien illustre'ert dé verbassene Resistenz-géscht an de' de'w Hémechtsle'wt, de' ons Jongen bese'lt hun. Hien beto'nt, dass d'Ligue „Ons Jongen“ hir gerecht Fuerderongen direkt öflét vun dem, he'ge Bluttzoll, den de Jonktem fir d'Hémecht geaffert huet, an ônner dem Applaus vun der ganzer Veersammlong schle'sst hien seng glänzend franse'sch Uspröch mat:

„Vive la Grande-Duchesse et Vive le Luxembourg!“

An onser Hémechtspröch wendit de Riedner sech dann un d'Veersammlong, fir o'ni Pathos an o'ni demagogesche Riedeschwong ons Fuerderongen fir sozial Gerechtegkét z'entweckelen. „Gleich'Rechter fir gleich Letzeburger, an engem éngen an zefriddene Letze-berg,“ verlängt de Komerod FANDEL, eso' we' et am Programm vun der Ligue „Ons Jongen“ an op hirer Manifesta-tio'n vum 17. August formule'ert go'f.

De Riedner ônnerstreichit mat No-drock, dass d'Ligue „Ons Jongen“ fir all Victimen vun desem Krich o'nt Distinctio'n d'Mention honorifique „Morts pour la Patrie“ verlängt, an hien développe'ert a gro'ssen Zich de' schwe'er Problémen, de' nach gele'st musse gin, ugefängen bei onse Mute-le'erten iwer ons arbeitslos Kome-rodén bis zo' dénen, de' nach vermösst